

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Unterrechtsminister an un d'Madamm Familljeministesesch weiderzeleeden.

De Staat ënnerstëtzt de Foyer de la femme, esou wéi och aner Organisatiounen, finanziell. Och solle verschidde Leit fir hir Aarbecht oder benevole Aarbecht beim Foyer de la femme vum Staat bezuelt gi sinn.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froe stellen:

- 1) Wéi eng Konventiounen goufen an de leschte 25 Joer mam Foyer de la femme ofgeschloss?
- 2) Sinn an de leschte Jore Konventiounen gekënnegt ginn, a wa jo, firwat? Sinn neier ofgeschloss ginn?
- 3) Wéi vill Persounen vum Foyer de la femme sinn an de leschte 25 Joer fir hir Aarbecht oder benevole Aarbecht vum Staat oder deelweis vum Staat bezuelt ginn? Wéi eng Betrag goufen dobäi ausbezuelt? Ëm wéi eng Aarbechten handelt et sech an deene Fäll?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro Nr. 5071 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

An de leschte 25 Joer huet den Educatiounsministère (MENJE) Konventiounen mat der Associatioun "Foyer de la femme" fir zwou Aktivitéiten ofgeschloss. Eng Konventioun betrëfft d'Organisatioun an d'Finanzéierung vu Vakanzekolonien an d'Formatioun vun den Animateure fir dës Vakanzekolonien. Eng aner Konventioun gouf mam "Foyer de la femme" an der Gemeng Rëmeleng ënnerschriwwen, dëst fir d'Gestioun vun der Maison relais "Roude Fiels" zu Rëmeleng. De Familljeministère huet keng Konventioun mam Foyer de la Femme ofgeschloss.

Ad 2)

Nee, an de leschte Joren hu weder den Educatiounsministère, nach de Familljeministère nei Konventiounen mam "Foyer de la femme" ofgeschloss. Et goufen och keng Konventiounen gekënnegt.

Ad 3)

Bei Konventiounen, déi ënner d'ASFT-Gesetz (*Loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique*) falen, bezilt de Staat net selwer d'Salariéen, mee finanzéiert den Associatiounen déi Käschten, déi an der Konventioun festgehale gi sinn respektiv déi gesetzlech virgesi sinn.

Bei der Konventioun fir d'Gestioun vun der Maison relais entsprécht dës der Finanzéierung, wéi se am Gesetz (*Loi du 4 juillet 2008 sur la jeunesse*) festgehalen ass.

D'Konventioun fir de Vakanzendéngscht gesäit fir 2020 vir, datt fënnef ETP vum Staat rembourséiert ginn. D'Frais de fonctionnement vum Joer 2020 hunn sech op 111.676 € belaf, dorënner 3.720 € fir d'Indemnités aux bénévoles. Dës Indemnitéiten waren fir d'Moniteuren an den Vakanzekolonien. Dës Montanten a Remboursementen hunn an de leschten Joren och net staark variéiert.

Doriwwer eraus huet de MENJE keng weider Indemnitéiten fir Benevollen an hiren Decompte iwwerholl. Nieft dësen Konventiounen ass et den Associatiounen hir eegestänneg Decisioun, wéi si hir Benevollen indemniséieren.

Lëtzebuerg, den 12. November 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH